adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister vum Mëttelstand weiderzeleeden.

Vill Betriber aus dem Horesca-Secteur sinn, duerch de neie „Lockdown", an enger schwiereger finanzieller Situatioun. Et riskéiert zu engem massive Verloscht vun Aarbechtsplazen an zu sëllege Faillitten ze kommen. Dofir hunn déi Responsabel vum Secteur nei Fuerderunge gestallt an hunn d'Regierung opgefuerdert fir dem ganze Secteur weider Hëllefen zoukommen ze loossen. Et gëtt sech doriwwer beklot datt d'Regierung d'Gastronomie op e neits zougemaach huet, iwwerdeems d'Butteker op bliwwe sinn a vill Akafszenteren um leschte Weekend „schwaarz" vu Leit waren. Nodeems den Här Staatsminister Xavier Bettel zouginn hat datt den Horesca-Secteur responsabel mat der Corona-Situatioun géif ëmgoen, géifen elo no der Decisioun vun der Regierung, d'Recettë komplett ausbleiwen. Dat wär net acceptabel a finanziell géif dat bedeiten datt vill Betriber net méi iwwert d'Ronne kënne kommen. Gefuerdert gëtt ënnert aanerem datt de Staat all déi fix Käschten, wärend der Period wou de Secteur muss zoubleiwen, iwwerhélt. Weider misst d'Gültegkeet vun den Iwwernuechtungs-Bonge fir weider 12 Méint verlängert ginn. Fir den Horesca-Secteur misst dann och e Moratoire ouni Zënsen agefouert ginn, dat wat d'Payementer un ëffentlech Verwaltungen oder fir d'TVA ugeet. Fir d'Joer 2021 fuerderen déi Responsabel vun der Horesca datt d'TVA fir all d'Servicer vum Secteur nees op 3% erofgesat gëtt.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Ass d'Regierung gewëllt fir d'Fuerderunge vun der Horesca alleguerten z'erfëllen?

   _Fixkäschten

   _Iwwernuechtungsbongen

   _Payementer ëffentlech Verwaltungen

_TVA op 3%

2. Wa Nee, wat fir enge Fuerderunge vun der Horesca plangt d'Regierung nozekommen a wat fir enge net?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742